PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 09/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Den 9te Juni hate mir dem Transportminister eng Fro zu technesche Problemer beim Instrument Landing System (ILS) gestallt. De Minister huet dann och konforméiert, dass d'Administratioun de la navigation aérienne (ANA) net konnt déi néideg Beweiser virleeën, datt den ILS nach performant genuch ass, wat d'Prezisioun, d'Kontinuitéit, d'Integritéit an d'Legitimitéit vun der Quell vum Service NAV (Navigation) ugeet. Och d'Buedemtester gi laut DAC net esou systematesch duerchgefouert, wéi se dat misste ginn. A senger Äntwert huet de Minister erkläert, dass d'ANA u Léisunge géif schaffen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn déi uewe genannte Problemer mëttlerweil behuewen?
2. Bleift d'Pist 24 bis op Weideres deklasséiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député